



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro zur Notzung vu Waassermillen un d'Madamm Ëmweltministesch weider ze leeden.

Aus engem rezenten Artikel aus dem Luxemburger Wort „Mühen mit der Mühle“ geet ervir, dass d'Besëtzer vun der denkmalgeschützte Waassermille vu Syr dës wëlle restauréieren an esou d'Funktionsweis den zukünftege Generatiounen ze demonstréieren an dermadder e Stéck Lëtzebuerg Kultur ze erhalen. Laut dem Artikel ginn hinnen awer vun der Säit vum Waasserwirtschaftsamt an och dem Ëmweltministère Steng an de Wee geluecht.

Seid dem 15 Joerhonnert gëtt dës historesch Waassermille mat Hëllef vun der Bëtlerbaach ugedriwwen. 2016 huet d'Waasserwirtschaftsamt festgehalten, dass d'Mille vu Sir e Querbauwierk duerstellt an domadder en Hindernis fir d'Wanderung vun den d'Fësch an der Bëtlerbaach duerstellt. Fir de Problem ze léisen hunn d'Besëtzer vun der Millen eng Fëschtraap bei der Mille virgeschloen. Esou kënt engersäits de geschützte Waasserzoufloss erhale an och di historesch Waasserinstallatiounen bedriwwen ginn, an anerersäits d'Wanderung vun de Fësch erméiglecht ginn. Deemno kéint an dësem Fall eng Fëschtraap e gudde Kompromëss duerstelle fir esouwuel dem kulturellen ewéi och dem natierleche Patrimoine Rechnung ze droen. Obwuel esou eng Fëschtraap am aktuelle Plan de Gestion vum Waasserwirtschaftsamt virgesinn ass, vertritt des Administratioun elo de Standpunkt, dass des Fëschtraap net geneemegungsfäeg wier, a beriff sech dobäi op e Waasserlaf deen et net gëtt.

Des Weidere gëtt d'EU d'Waasserrahmenrichtlinn de jeeweiligen nationale Staaten d'Meiglechkeet gëtt, fir Bauwierker mat besonnesch kultureller Bedeitung, Ausname wéi zum Beispill bei der biologescher Duerchgängegkeet kënnen ze ginn. Hei wéilt ech op eng Äntwert vun der europäescher Kommissioun zu enger parlamentarescher Ufro aus dem Europaparlament hiweisen.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wisou gëtt de Stelleväert vun der Natur iwwert de kulturelle Patrimoine gestallt?
2. Gedenkt d'Ministesch als Mediateur ze agéiere fir dass eise kulturellen an natierleche Patrimoine besser kënne koexistéieren? Wann jo wéi?
3. An dem uewe beschriwwene Fall kéint d'Fëschtraap eng gutt Léisung duerstellen. Di gesamt Regierung huet 2007 d'Millen an 2020 de Millegruef als nationaalt Denkmal ënner Protektioun gestallt. Den aktuell gültege Plan de Gestion vun der Waasserverwaltung gesäit d'Erhale vun dësem Patrimoine vir; och den historesche

Verlaf vun der Bëtlerbaach gëtt doran respektéiert. Leider ass an der Proposition fir den zukünftege Plan de Gestion vun der Waasserverwaltung dësem nationale Patrimoine net méi Rechnung gedroe ginn, esou dass den historesche Millengruef zerstéiert gëtt. Wat sinn d'Grënn fir des Ännerungen am Moosnamenprogramm? Aus wéi engen Ursachen ass de Waasserlaf vun der Bëtlerbaach op der offizieller Waasserkaart geännert ginn?

4. D'Waasserschutzgesetz vun 2008 huet 2012 di bestoend Autorisatiounen auslafe gelooss. Richteg ass awer och, dass di historesch Waassernutzungsrechte (droit d'eau fondé en titre) net duerch d'Waasserschutzgesetz vun 2008 ofgeschafft goufen. Des Waassernutzungsrechte sinn ëmmer nach gültig. Firwat respektéiert d'Waasserverwaltung des Waassernutzungsrechte vun den historesche Millen net? Aus wéi enge Grënn fuerdert d'Waasserwirtschaftsamt am uewe genannte Fall eng Demande d'Autorisatioun fir eng Prise d'eau déi elo schonn iwwer 500 Joer existéiert?
5. Gedenkt d'Ministesch de Millebesëtzer zu Lëtzebuerg an Zukunft ze hëllef fir hir Waassermillen ze restauréieren an ze bedreiwen an domadder de Lëtzebuurger Patrimoine ze erhalen? Wann jo, wéi eng Hëllef wieren dat.
6. Aus Sicht vum Waasserreseau befënnt sech di historesch Mille vu Sir hannert der Staumauer vun Esch-Sauer. Dass de Saumon enges Daags bis erop an d'Bëtlerbaach geschwonne kennt ass domadder relativ onprobabel. D'Waasserrahmenrichtlinie iwwerléisst den nationale Staaten d'Meiglechkeet fir Bauwierker vu besonnesch kultureller Bedeitung Ausnamen ze erlaben. Zu Lëtzebuerg gëtt dëst iwwer en entspreche RGD vun 2016 geregelt. Goufen hei zu Lëtzebuerg schonns Derogatiounen fir Bauwierker vu besonnescher kultureller Bedeitung ugewannt? Wann jo, wéi oft a wou?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.



Martine Hansen
Deputéierten